

WANDROUS

Redaktion: Cheffenekipp LBB
Respo fir den Drock & Verschécken: LBB
Exemplaires: 230
Paperless: 90/230
E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu

LIONS BLEUS

Online: www.lionsbleus.lu
Infos générales: cg@lionsbleus.lu
Location chalet: location@lionsbleus.lu
Compte Groupe LBB:
CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000



Dem Mister PIC séng 90 Joër



! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !

Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.



LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuert hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmere an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den ,Amis des Lions Bleus'

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Hauptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lët déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllef, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.
mat engem Ordre permanent*
vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ,Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme**

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ,revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freeen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtzt villaicht méi liicht ze verkraaften ass
Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !

WANDROUS PUBLICILÉIT

Waat brauchts DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op eng **excellent Beroodung?**
DU hues eng gültig Memberskaart vun den **LIONS BLEUS!**

Dann ass hei Adress fir d'ech:
VIKING-ADVENTURES zu Tréier!
Paulinstrasse 25 D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES !



* DU kriss op ALL Artikel **10% Ermässeung**,
wanns DU déng **gültig Lions Bleu**
Memberskaart firweisen kanns !!!



www.viking-adventures.de



CHEFFEN 2024-2025

Simply present LBB-STAFF for 2024-2025:

Léif Elteren,

Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.

Zéckt nët fir Sie ze kontaktéieren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.



Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:

FLAMMANG Raphael (Mankei)

LAMAMRA Harry (Mammut)

Contacts:

Allgemeng E-Mail: cheffen@lionsbleus.lu

just Chef de Groupe: cg@lionsbleus.lu

Konto fir GR-Aktivitéiten: Les Lions Bleus - Rover / BCEE: IBAN LU83 0019 4955 9103 3000



BEAVER (BV)

FRISCH Danie (GriGri)
BOURQUEL Chris (Titan)
DIEDERICH Nora (Jolly)
FLAMMANG Raphaël (Mankei)

Konto:

Les Lions Bleus - Beaver

> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

Allgemeng Email: beaver@lionsbleus.lu



MEUTE (LX)

RODESCH Jasmine (Matka)
WOHLGENANNT Amélie (Raschka)
HAUENSTEIN Kiara (Kala)
PEPIN Levi (Keego)
MILLIM Alex (Bagheera)
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

Konto:

Les Lions Bleus - Meute

> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

Allgemeng Email: meute@lionsbleus.lu



TROUPE (SG)

PIRON Aleksis (Pongo)
PIRON Nicolas
LAGADEC Manon
ZAHLEN Chiara
HEINEN Catherine (Fugu)
DUARTE Lea
PEPIN Cédric

Konto:

Les Lions Bleus - Troupe

> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

Allgemeng Email: troupe@lionsbleus.lu



EXPLORER (EX)

LAMAMRA Harry (Mammut)
MAJERUS Max (Lynx)
FRISCH Pit

Konto:

Les Lions Bleus - Explorer

> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

Allgemeng Email: explorer@lionsbleus.lu



ROVER (RO)

MAJERUS Max (Lynx)
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)

Email: rover@lionsbleus.lu



TEMBO (TB)

SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

Email: tembo@lionsbleus.lu

Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,

Iwwerall op der Welt ginn et de Moment Diskussiounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologesch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an et ass méttlerweil een Thema, dat een net méi ignoréieren kann.



Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou et geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir dat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gärén un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:

Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat lech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!



Heimat wëll ech méng Wandrous an Zukunft:

- weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.

Dëst op d'Adress:

- nët méi informéiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

SORTIE | FIR D'TROUPE (SC)

LeifScoute vu Bouneweg,

Ech de Bear Grylls géif iech gären op eng TOP Sortie a lueden. Ech well als Wildniss Expert weise weien (bal) ouni Equipement an der Wildniss super Iwwerliewe kann an dofir kommen ech iech extra alles weisen.

Dowéinst, sidd dir prett fir ausdeene geréngste Saachen dat meescht eraus ze huelen. Ze erliewe wien een am Bësch schlofen / kachen / iessen a Spaass kann hunn?

Da komm mat! Ech free mech op dech an op eng Supper Sortie.

Bis dann är Cheffen an de Bear Grylls.

Bear Grylls



Depart: Samstes, 26/04/2025_09.00 Auer
(Hotel Sieweburen, 36 Rue des Sept-Fontaines, L2534 Luxembourg)

Retour: Samstes, 26/04/2025_17.00 Auer
(Hotel Sieweburen, 36 Rue des Sept-Fontaines, L2534 Luxembourg)

Praiss: 5 € sinn ze iwwerweisen bis spéitsdens den 21.04.2025 op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (BCEE LU65 0019 4955 9100 5000), mat der Mentioun ,Sortie Bear Grylls +Numm vum Scout"

Souche: Mailen op troupe@lionsbleus.lu esou schnell wie meiglech.

Material:

Bidon mat Waasser, Biergschong, dem Wieder ugepassten Kleeder, Messer, Gamelle/Besteck/Becher, Kichenduch, dem Scout séng siuwen Saachen ...




Ech erlaaben heimat méngem Scout op der Bear Grylls - Sortie den 26.04.2025 vun den Lions Bleus deel ze huelen.

Ënnerschrëft



FNEL SIXPLO | FIR D'MEUTE (LX)



SK4UT-1
Lost in Time

Den SK4UT-1 (ausgeschwat: Scouti) ass en Drecksammelroboter aus der Zukunft. Hie wollt do net méi Knascht sammelen a well en hëieren huet, datt frëier net esou vill Knascht gemaach ginn ass, reest hie mat enger Zaltmaschinn zrëck. Well en d'Maschinn awer net gutt kennt, geet se futti an e lant an der Keltensalt. Elo ass e gestrant an e brauch de Wëllef hir Hëllef!

FNEL Wëllef SIXPLO ---
26.-27.04.2025

Start? Samstes, den 26.04.2025
(just fir Sixer) ***
Retour? Sonndes, den 27.04.2025
(fir all d'Wëllef) ***
Wou? Ellergronn bei Esch

*** Déi genee Infos/Détailler kommen
>>> no dénger Umellung !!!

Unmeldung?

Schnellstens per Mail op meute@lionsbleus.lu
mam Numm vum Participant oder per Souche
oofzeginn bis den **15.03.2025** !

Heimat erlaaben ech _____
méngem Wëllefchen als Sixer 26.-27.04.2025
_____ oder als Wëllefchen
27.04.2025 _____ mat op
den SIXPLO'25 vun der FNEL mat ze goën.

Ënnerschrëft: _____



FNEL - DIVERS SOUCHEN



Home Belvedere Dudelange
Rover - Tembo

WALK FOR NEPAL

Trëppele fir e gudden Zweck

18. MEE 2025

Looss der deng Kilometer bezuelen a spent un d'ONGD.
Tëschent 5 a 50 km, du entscheets wéi wäit dass de geest!

Präis: 15 Euro z'iwerweisen bis de 10. Mee op de FNEL
Programme Kont: LU95 0030 0457 4525 6000

Hei klicken fir d'Umeldung bis den 5. Mee!

fnel scouts & guides

Walk for Nepal

Dëst Joer gëtt de Walk for Nepal fir déi zweete Kéier organiséiert. D'Tembo an d'Rover Ekipp brauch deng Hëllef. Trëppel duerch de Bësch a looss der deng Kilometer sponseren. Zesumme sammele mir Spenden fir d'ONGD-FNEL mat hieren Nepal Projeten z'ënnerstëtzen. Méi Informatiounen zum Spenden an zum Départ kriss du an enger E-Mail nodeems du dech ugemellt hues.

Wéini?

Sonndes, den **18. Mee 2025**

Wou?

Home Belvedere Dudelange
(100, rue Jean Friedrich, L-3469 Dudelange)

Präis?

15€ op de Kapp.
>>> W.e.g. bis den 10. Mee 2025 op de Konto
vum FNEL-Programm iwerweisen
(LU95 0030 0457 4525 6000)

Umellen?

Umelle mam Google Forms bis den 10. Mee
2025 oder per e-mail
(rover@fnel.lu / tembo@fnel.lu)





Explorersportsdag + Seefekeschterennen

Léiwen Explorer, fir 2025 huet eis Explorer Ekipp aus der FNEL zwou vu séngen emblemateschen Aktivitéiten zesummen bruecht: Den ExplorerSportsDag AN d'SeefeKëschteRennen. Daat Ganzt geet iwwer 2 Deeg. Den Éischten Dag fir ierch midd ze maachen an den Zweeten fir de Bierg erofzerullen.

Fir de Moment ass just den Datum bekannt, genee Détailler kritt der soubaal der ugemellt sidd ;)

Dofir >>>> !!! 3.-4.05. 2025 !!!

SAVE THE DATE



Start? Samstes, 03.05.2025 um 9h30 bei der Jugendherberge zu Iechternach
Retour? Sonndes, 04.05.2025 um 16h00 beim Home vun de Loutres zu Miersch
Déi genee Infos/Détailler kommen no der Umellung !!!

Waat muss den Explorer dobei hunn?

Sportskleedung, Sportschong fir de Sportsdag an alles waat en Explorer op engem Weekend sou brauch (Opgepasst > Èt gëtt am Bivouaq geschlof) **a vergiess weder déng Sportschlappen nach däin Helm.**

Unmeldung? Schnellstens bei déngem Chef per Souche
Praiss? ??? désen kritt der na matgedeelt an gët dann bezuelt op den Konto: Lions Bleus-Explorer (BCEE Lu300019495591026000) mat der Mention: FNEL Raid'25-Numm vum Participant.



Heimat erlaaben ech _____ méngem Explorer _____ mat op den Sportsdag & SKR_SeefeKëschteRennen den 3.-4.05.2025 vun der FNEL mat ze goën.

Ënnerschrëft: _____





BEAVER FUN DAY 2025

Mir invitéieren iech op
d' Sich nom Melusina, den
9. Mee vun 11.00 - 16.00 Auer
am Park zu Hesper

Fir Mëttegiessen soll dir
Pic-Nic matbréngen 



INFOS fir d'Lions Bleus:

Start & Schluss: 10h30 Auer & 16h15 Auer
jeweils um Parking bei der Spuerkees zu Hesperange

PRAISS kritt der nach matgedeelt an ass 1 Woch virdrunner ze bezuelen!
Denkt un ären Foulard, Bidon, Pic-Nic & dem Wieder ugepassten Kleeder...

Heimat erlaaben ech _____
méngem Beaver _____ den
09/05/2025 um FNEL Beaver FunDay zu Hesper deel ze huelen.

Datum &Ënnerschrëft: _____



Hallo léiwe Wëllefchen!

D'Panzerknacker hunn méng Goldstécker geklaut, an ech brauch dringend Är Hëllef, fir se zréckzekeréien! Ech kann elo nët méi a méngem Gold schwammen - dat ass eng Katastroph! Kënnt Dir mir hëllef, d'Spuere vun de Gauner ze verfollegen an hinnen eng Lektoun ze erdeelen?



RDV: 17. Mai 2025 um 10h00 Gare Centrale
RETOUR: 18. Mai 2025 um 15h00 firum Cactus Bonnevoie
(27 Rue des Gaulois, 1618 Bonnevoie-Nord-Verlorenkost Luxembourg)

PRÄISS: **30€** sinn ze iwwerweisen bis den 10. Mee 2025 op den Compte:
"Les Lions Bleus-Meute" (BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 1000)
mat der Mentioun: DDWeekendMeute'25 + Numm vum Participant.

SOUCHE: ass ofzeginn bis spëtstens den 10. Mai 2025!

Waat solls du mathuelen:

Dem Wieder ugepassten Kleeder & Ersatzkleeder, Bidon mat Waasser, Täscheluucht, ee klengen Rucksack, Gamelle (mat Besteck, Becher, Kichenduch), Schloofsaack, Pyjama, Wäschaachen, Foulard, ...

Heimat erlaaben ech _____
méngem Wëllefchen _____ um
Weekend vum 17.-18. Mai 2025 deelzehuelen an ginn d'Souche
pünktlech oof!

Ënnerschrëft: _____



PËNGSCHTCAMP | FIR DE GROUPE

Léif Beaver, Wëllef, Scouten an Explorer!

Vläicht huet dir ët schon héieren...Ët ass eppes ganz Schlëmme geschitt, dem Reebou séng Faarwe sinn verschwonnen! Trolls brauchen dofir Hëllef fir all d'Reeboufaarwen erëm ze fannen. Mir brauchen iech ALL: Beaver, Wëllef, Scouten AN Explorer fir Challenges ze maachen an den Trolls ze hëlfefen.

D'Campliewe kënnt do natierlech och nët ze kuerz... also mell dëch séier un!



Rendez-Vous:

BV: Freides, den 30.Mee 2025 um 9h30 beim Glacis Busparking
LX: Donneschdes, den 29.Mee 2025 um 12h30 beim Glacis Busparking
SC/EX: Donneschdes, den 29.Mee 2025 um 8h30 op der Stäereplatz

Retour fir Jiddereen : Sonndes, den 1. Juni 2025 um 15h00 um Misärshaff (Misärshaff, 8808 Uerschdref Rammerech)
Nieft dem Chalet gëtt ët ee Busparking wou ee kuerz hale kann. >>> Mir proposéiere fir Fuergemeinschaften ze maachen.

Präiss: fir Beaver 65 € fir déi aner Branchen (LX, SC & EX) sinn 70 € bis den 17. Mee 2025 ze iwwerweisen op de Compte: "Les Lions Bleus-Beaver" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun: "Pëngschtcamp25 + Numm vum Participant"



Waat muss ech mathuelen:

Jiddereen: dem Wieder ugepasste Kleeder, Ersatzkleeder, klenge Rucksak, Bidon mat Waasser, Gamelle (Besteck, Becher, Kichenduch), Schlofsaack (ab LX schloofen mer dobaussen), Pyjama, Wäschaachen, Handduch, Foulard, Täscheluucht, ...

EXTRA:

BV: Picknick fir den 30.05., Petzi fir ze schlofen, ...

LX: Picknick fir den 29.05., dem Wëllefchen séng 5 Saachen, Carrymat, ...

SC & EX: Picknick fir den 29.05., Schwammsaachen, Wasserschong (fakultativ), Carrymat, ...

Heimat erlaaben ech méngem BV/LX/SC/EX

..... deelzehuelen um Pëngschtcamp den

29.05.-1.06.2025 vun den Lions Bleus an ginn d'Souche pünktlech oof!

Datum & Ënnerschrëft:



Park Sennesräch

Moie Léiwe Beaver,

du wëlls déng 5 Sënner besser kenneléieren an och villäicht souguer
ënner Beweis stellen. Op Taaschten, Schmaachen, Richen, Kucken oder
Héieren ... op dëser Sortie huele mir eis Sënner genau ënner d'Lupp a
schäerfen se. Wann dat alles interessant kléngt, dann zéck nët a mell
dëch elo séier un!

RDV: Samstes, den 7. Juni 2025 um 11h00 beim Park Sennesräch
(30, Duarrefstrooss, Lullange 9762 Luxembourg)

SCHLUSS: Samstes, den 7. Juni 2025 um 15h00 beim Park Sennesräch
(30, Duarrefstrooss, Lullange 9762 Luxembourg)

PRÄISS: 12€ sinn ze iwwerweisen bis den 1. Juni 2025 op den Compte:
"Les Lions Bleus-Beaver" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der
Mentioun: "5 Sënner + Numm vum Kand"


SOUICHE: Ass oofzeginn bis 31. Mee 2025.

Waat brauch ech?

>>> PIC-NIC fir Mëttes, Foulard, klenge Rucksack, gefëllte Bidon, dem
Wieder ugepasste Kleeder, an natiirlech Motivatioun!

Heimat erlaaben ech _____
méngem Beaver _____ den
07/06/2025 un der Sortie am Park Sennesräch deel ze huelen.

Ënnerschrëft: _____



SORTIE | FIR TROUPE (SC)



Hues du ni Loscht gehaat dëch weéi den Tarzan ze fillen?
Kruus awer ni d'Méiglechkeet dozou?
Wolls schon ëmmer wéi e Pilot d'Aerd vun uewen gesinn?
Awer du bass nët geübt am Kloteren?
Waat fir eng Chance hues du dann elo, dass grad elo mir
eng Klotersortie maachen.
Mell dëch also elo un, dass de dës EEMOLEG Chance nët
verpass!

Rendez-Vous:

den 14.06.2025 um 10h00_Gare de Luxembourg

Schluss:

den 14.06.2025 um 17h00_Gare de Dudelange

Waat brauch ech:

dem Wieder ugepasste sportlech Kleeder, Foulard.

klenge Rucksack mat:


gefëllte Bidon, **Picknick**, Sonnecrème, Kaap an vill Motivation :)

Praiss:

25€ , sinn ze iwwerweisen bis spëtstens den **1.Juni 2025**,

op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (LU65 0019 4955 9100 5000)

mat der Mentioun: Klotersortie + Numm vum Scout



Heimat erlaben ech méngem Scout

..... op der KloterSortie den 14.Juni'25

vun den Lions Bleus deelzehuelen.

Ënnerschrëft:





FAAKEL- ZUCH 2025

Wéi all Joër's sinn mir um Fiirowend vum Nationaldeierdag um Faakelzuch vertraueden.

Mit treffen ons den 22.Juni um
20:00 Auer

bei der Metzlererei Kaiffer op
77,Grand Rue L-1661 Lëtzebuerg



Waat brauch de Wëllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover, den Tembo, d'Amicale an natiirlech nët ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

RICHTEG! eng TIP TOP Uniform,
also: donkelblo Box, Uniformshiem, Foulard
& evtl eng LBB-Kaap

OPGEPASST: Daat Ganzt huet och een Enn!
Deen ass do wou den Schluss vum Cortège ass > gëint 22:15 Auer.
> Wou genee soen mer lerch um RV...

D'Souche ass bis spéidstens **den 7/06/2025** bei déngem Chef oofzeginn !!!

>>> Wéi all Joër's sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertraueden <<<



Ech
ginn dëst Joër 2025 mat op de Faakelzuch,
an sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um
Rendez-vous



.....
ElterenËnnerschrëft

22 JUNI 2025
VIROWEND VUN
NATIONAL FEIERDAAG

GROUSSEN
LIONS BLEUS
GRILLSTAND

GRILLINGER BATTIN VUM **FAASS**
METTWURSCHT
HOLZKUELEGRILL

AB 18h00
BOUCHERIE KAIFFER
AN DER GROUSSGAASS

77 GRAND RUE L-1661 LUXEMBOURG



PROGRAMM BEAVER

05.04.2025		keng Versammlung - Vakanz
12.04.2025		keng Versammlung - Vakanz
19.04.2025		keng Versammlung - Vakanz
26.04.2025	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
03.05.2025	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
09.05.2025		FNEL BV FUN-DAY
10.05.2025		keng Versammlung - Vakanz
17.05.2025	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
24.05.2025		keng Versammlung - Vakanz
30.05.-01.06.2025		PËNGSCHTCAMP
07.06.2025		SORTIE
14.06.2025	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
21.06.2025		keng Versammlung - Vakanz
22.06.2025		FAACKELZUCH & LBB GRILLSTAND
28.06.2025	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
05.07.2025		LÉIWEFEST
13.07.2025		FNEL POW-WOW bei den EQ

PROGRAMM WËLLEFCHER

05.04.2025		keng Versammlung - Vakanz
12.04.2025		keng Versammlung - Vakanz
19.04.2025		keng Versammlung - Vakanz
26.-27.04.2025		FNEL SIXPLO
03.05.2025	14:00 - 16:00	Versammlung
10.05.2025	14:00 - 16:00	Versammlung
17.-18.05.2025		WEEKEND
24.05.2025		keng Versammlung - Vakanz
29.05.-01.06.2025		PËNGSCHTCAMP
07.06.2025	14:00 - 16:00	Versammlung
14.06.2025	14:00 - 16:00	Versammlung
22.06.2025		FAACKELZUCH
22.06.2025		LBB GRILLSTAND
28.06.2025	14:00 - 16:00	Versammlung
05.07.2025		LÉIWEFEST
13.07.2025		FNEL POW-WOW bei den EQ
16.07.-14.09.2025		SUMMERSVAKANZ

PROGRAMM SCOUTEN

05.04.2025		keng Versammlung - Vakanz
12.04.2025		keng Versammlung - Vakanz
19.04.2025		keng Versammlung - Vakanz
26.04.2025		SORTIE
03.05.2025	14:00 - 16:00	Truppenversammlung
03.-04.05.2025		FNEL CP-WEEKEND
10.05.2025	14:00 - 16:00	Patrullenversammlung
17.05.2025	14:00 - 16:00	Truppenversammlung
24.05.2025		keng Versammlung - Vakanz
29.05.-01.06.2025		PËNGSCHTCAMP
07.06.2025	14:00 - 16:00	Patrullenversammlung
14.06.2025		SORTIE
22.06.2025		FAACKELZUCH
22.06.2025		LBB GRILLSTAND
28.06.2025	14:00 - 16:00	Truppenversammlung
05.07.2025		LÉIWEFEST
12.-13.07.2025		FNEL POW-WOW bei den EQ

PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

05./12./19.04.2025		keng Versammlung - Vakanz
26.04.2025	14:00 - 16:00	EX Versammlung
03.-04.05.2025		FNEL EX SDag/SeefeKëschteCourse
10.05.2025	14:00 - 16:00	EX Versammlung
17.05.2025	14:00 - 16:00	EX Versammlung
18.05.2025		RO/TB 'Walk to Nepal'
24.05.2025		keng Versammlung - Vakanz
29.05.-01.06.2025		PËNGSCHTCAMP
07.06.2025	14:00 - 16:00	EX Versammlung
14.06.2025	14:00 - 16:00	EX Versammlung
15.06.2025		FNEL RO/TB BeachVolley
22.06.2025		FAACKELZUCH
22.06.2025		LBB GRILLSTAND
28.06.2025	14:00 - 16:00	EX Versammlung
05.07.2025		LÉIWEFEST
12.-13.07.2025		FNEL POW-WOW bei den EQ
19.07.-02.08.2025		FNEL CAMP FEDERAL (Holland)

RAPPORT Weekend | ROVER/TEMBO (RO/TB)



ROVER/TEMBO-WEEKEND WINTER EDITION



Ganz nom Motto ‚Ët gët keen schlecht Wieder‘ hun sëch dann och dës Joër d’Rover an d’Tembo vun de Lions Bleus getraff, fir den traditionellen WanterWeekend. Hei wor de RV Samstes den 30.11 op der Gare de Dummeldange, wou d’Rucksäck angesammelt goufen an den 1. Message ausgeelt ginn sinn. Kuerz dono konnt ët lassgoën op den Trajet. Den Lynx wor dës kéier Responsabel fir d’Organion. D’Ekipp wor also den ganzen Dag ënnerwee an gouf gefuerdert mat Messages & dem Trajet. Am fréien owend sinn Sie dann um Kuelbecherhaff ukomm, wou een gudden Glühwain an eng lekker Raclette op Sie gewaard huet. Dono konnt een gemiddlech den owend ausklängen loossen an Geschichten vum Dag verzielen an bessi Nostalgie spillen loossen. No enger gudder an erhuelsamer Nuecht an der Penntuut, gouf moies zesummen Kaffi gedronk, gepaack, den Home gebotzt an gekuckt wou mer zu Metteg grillen sollen. Schnell den Rucksack op de Bockel geschnallt an dann op de Wee Richtung Grillstell gemeet. Hei hun mer eis kulinarisch gestärkt an hun eis dono zu Fouss Richtung Zuch gemeet fir Heem an d’Staat. MIR soen MERCI fir d’Organion an freen eis elo schons op SummerEdition ugangs Mee :) **TAMIA**

RAPPORT FNEL Raid | EXPLORER (EX)

Dës Joër wor den traditionellen Explorer Raid vum 11.-12. Januar 2025, an wor getrennt organiséiert vum SeefeKëschteRennen. Wéi all Joërs treffen sëch also d’Explorer aus dem ganzen Land fir zesummen eng flott Zait Dobaussen ze verbréngen. Dësen Event ass voll gepackt mat flotten Aktivitéite vun all Zort, an natierlech ass daat déi perfekte Geleeënheet fir nei Frëndschaften ze schlëssen! Den Trajet goug also iwver Stock und Stein, op an oof vun der Staat bis Richtung Home vun den Mamer Wiselen, wou nom Oweslessen an bessi GBS dobaussen an hiirem Préo geschloof gouf. Den aaneren Dag stoug nach puer flott interaktiv Saachen um Programm...an kuerz nom Mëtteslessen, leckeren PouletStrëmpelcher gouf et dann och schons nees heem. Sou sooten mer eis op ScoutsManéier EDDI an hun eis RV ginn fir den SportsDag & SeefekëschtenRennen am Mee. **TAMIA**



RAPPORT FNEL Weekend | CHEFFEN (CH)



FNEL City Trip 25.-26.01.2025 Samdes moies hu mir eis getraff um P&R Houwald, wou de Bus op eis gewaart huet. Ech selwer war dat Eenzecht aus mengem Grupp an hat keng Anung, wie soss nach dobäi wier. Obwuel ech just Vereenzelter kannt hunn, huet et sech am Laf vun der Busrees als e ganz sympathëgen a freedege Grupp erausgestallt. Wou d'Kilometernummer op de Schëlde, déi "Antwerpen" ugewisen hunn, ëmmer méi kléng ginn ass, hu mir ugefaang, eis a Gruppen anzedeele fir de Rallye. Als éischt koume mir awer bei der Jugendherberg un, wou mir eis Rucksäck ofgeluecht hunn. Duerno si mir mat eisem Aufgabeblat an engem PeopleBingo lassgetrëppelt. Mir konnte eis op verschidde Plazen an Antwerpen kreativ ausliewen. De PeopleBingo war och een Challenge, et leeft een ëmmerhin net all Dag enger Persoun mat Stréihutt oder déi scho mol enger Berüümtheit begéint ass iwwert de Wee...Owes, nodeems mir eis installéiert hunn, si mir iesse gaang, an puer Leit haten d'Iddi, als Ofschloss Karaoke sangen ze goen. Just, dass sech dat net sou einfach erausgestallt huet, wéi mir geduecht haten. Mir si schlussendlech owes nach duerch hallef Antwerpen getrëppelt, ier mir eng Bar op der Maartplaz fonnt hunn, wou mir eppes gedronk hunn. Den nächste Moien, nom Kaffi drénken, si mir an de Red Star Line Musée gaang. Mir konnten eis d'Ausstellung iwwert d'Migratioun an Amerika op eisem eegene Rythmus unzekucken an hate duerno Temps libre fir lessen ze goen. Nom Mëttegiessen si mir an de Bus geklomm fir Richtung Lëtzebuerg. Ganz riwwer war et awer na net: mir haten ënnerwee nach een Tëschestopp, fir Bowling a Blacklight Minigolf ze spillen. No dësem flotten Ofschloss gong et awer nees zeréck op de P&R Houwald, wou mir eis verofschied hunn. **CHIARA**



RAPPORT LBB AG | GROUPE (GR)



Rapport AG LBB:

Och dës Joër hunn d'Blo Léiwen sech versammelt fir hier Assemblée Générale kënnen oofzehalen. Dës Kéier mol nët um Fetschenhaff um Cents mee an hirem eegene Chalet zu Bouneweg. D'Versammlunge vun all de Branchen sinn extra méi spéit gehale ginn, fir engersäits eng Versammlung am Donkelen halen ze kënnen an aanersäits fir keen ze groussen Zeitsputt tëscht Versammlung an AG ze hunn. Um 18h00 ass et dann nom Shop direkt lass gaangen mat der Präsentatioun vun deenen einzelnen Punkten vum Ordre du Jour. Wéi all Joërs ass ee Rapport annuell vun de Gruppenaktivitéiten gema ginn. No der Präsentatioun ass et dann riwwer an de grouse Sall gaangen, wou sech eis Gäscht um Popcorn an der Pizza zerwéiere konnten. An dëser convivialer Stëmmung gouf den Owend dann och auskléngelooss. **MANKEI**

PIC goes 90 | GROUPE (GR)



RAPPORT Camp | BEAVER (BV)



BV FuesCamp (15-17.02.2025)

Den 15. Februar hunn s'ech d'Beaver zesummen op der Gare getraff, nodeems si e Bréif vum Bibu kritt hunn. Hien huet sie ëm Hëllef geruff, well hien an der Vergaangenheet feststouch. Mir hunn eis also direkt op de Wee op Diddeléng bei eis Zäitmaschinn gemaach. Do ukomm, hu mir eis séier gestärkt an sinn dann an d'Zäitmaschinn geklomm. Op eemol waren mir am Joër 1892! Hei hu mir e verschlësselte Bréif vum Bibu fonnt. Fir en ze liesen, hu mir als éischt missen eegene Pabeier herstellen. An deem Bréif si mir gewuer ginn, datt mir zeréck an d'Géigewaart sollte kommen. No e puer Spiller hu mir d'Zäitmaschinn nees benotzt, mee et ass eppes schief gaang - mir sinn am Joër 2341 gelant! D'Zäitrees-Police huet eis direkt ugehale a no eisem Reepass gefrot, dee mir nët haten. Fir een ze kréien, hu mir e Parcours missen bestoën. No dëser Aventure waren mir awer alleguer ganz midd an sinn an d'Bett gaangen.

Moies hu mir direkt probéiert, eis Zäitmaschinn ze flécken. Mat Spiller a Rätselen hu mir et endlech gepackt, an dës kéier si mir sécher zeréck an d'Géigewaart komm.

Den nächsten Dag hu mir direkt nom Frühstück nom Bibu gesicht an hien dann och schlussendlech um Schluss vun enger Schnitzeljagd fonnt. Endlech waren mir nees vereent a konnte berouegt heemgoen.

TITAN / CHRIS



RAPPORT Techuana | GROUPE (ab EX)

Freides,

den 14. Februar op Valentinsdag hun mir eis um 18:30 Auer beim LBB Home getraff. Zu eiser Techuana Equippe 2025 gehéieren d'Tamia, de Grizzly, de Maki, de Lynx, d'Jasmine, d'Amélie, d'Manon, d'Kiara an de Levi. D'Ski- respektiv Snowboardsaachen, sou wéi och all daat aanert Gepäck wéi: lessen, Gasluchten an de Picknick fir den nächsten Dag, goufen den Owend an den Mini-Bus gelueden. Dono hun mir nach mat enger leckerer GeméisSpinatLasagne a Kuch den Oflaf vum nächsten Dag beschwat, an den Owend gemittlech auskléngen geloss. Dunn sinn mir awer trotzdem recht fréi schlofen gaangen, well den nächsten Dag geet et fréi lass!

Samstes

moies, leider schon um 5 Auer huet dem Tamia säin liebleche Wecker eis all aus dem Schlof gerappt. Zum Gléck konnten mir als Participanten eis et hannen am Minibus gemittlech maachen an weiderschlofen. Währendeems sinn mir mat voller Viirfreed a Richtung Techuana getuckert. Um ongeféier 9 Auer hun mir dann op enger Raststätte eisen Croissant an eis Schokoladerrull giess. No dëser klenger Paus ass et dann awer rëm direkt an ouni vill Ëmweer weidergaangen. Ënnerwee wor nawell gudd Trafik, sou dat mer fir Zait ze spueren eisen PicNic einfach am Minibus giess hun. Jiddereen ass gefroot ginn waat hien op Baguette wéilt an gouf zervéiert. Sou koumen mer dann och gudd weider an hun den Zaitverloscht gemieden. Géint 18Auer sinn mer an Techuana ukomm, goufen kuerz gebreaft, hun doheem bescheed gesoot dat mer gudd ukomm sinn an schon hun mer alles ausgelueden an op séng Plaz bruecht. Parallel huet Kachekipp gekacht an eis dono mat enger Klengegkeet gestärkt. Dono wor nach GBS ugesoot an mir sinn kuerz dono an Penntuut gefall.

KIARA

De Sonndeg

ass et nom Kaffidränk direkt mat de Charge lassgaangen. Als éischt gouf e Schlauch vun der Waasserquell bis erof an d'Kiche geluecht, soudass mir fléissend, äiskaalt Waasser haten. An der Teschenzait gouf dann och Holz gerass an erop an d'Home bruecht, dass mir et schéi schnuckeleg waarm haten. Domadder ware mir de ganze Moie beschäftegt an no enger leckerer Tomatenzopp, dem Spullen an Opfëlle vun Eemere fir d'Toilettespull, si mir a Slowenie gefuer, ongeféier 40min vun eis fort. Do si mir da ronderëm e wonnerschéine Séi getrëppelt. Eng kleng Schnéiballschlacht huet do natierlech net dierfe feelen. Owes si mir dann nach an d'Therme gaangen an hunn da Kniddele giess. Bevir mir schlofe gaange sinn hu mir nach e puer Partie Jungle Speed gespillt a sinn da voller Virfreed op den nächsten Dag wou et endlech op d'Piste geet an d'Bett gaangen.

Méinde

Moiens, pünktlech um 7 Auer goufe mer dann och schon erwëscht fir op d'Pisten ze fueren. Nom Kaffi drénken, Spullen, Picknickskëscht paken an de Minibus lueden, si mir och scho Richtung Slowenien, méi genau op Kranjska Gora gefuer (fir déi alleréischten kéier). Mir sinn hei de ganzen Dag als klengen Zoo zesumme gefuer, mam Lynx als Af, dem Jasmine als Giraff an dem Manon als Kroko. Mëttes si mer zrëck bei de Minibus gaangen fir ze iessen a wou mer do ukomm sinn, huet e klenge Protokoll op eis gewaart, deen wor awer am Verglach zu engem



RAPPORT Techuana | GROUPE (ab EX)

aanere (dem Noper säin) ganz belleg. No engem laangen ustrengenden Dag, si mer och all ganz midd zréck an d'Home gefuer, wou ët dann Owes e super leckeren Chilli Con Carne gouf. Wéi den Dag virdrun hunn d'Partien Jungle Speed & co net dierfe feele, befir mir dann nom Zänn wäschen ganz midd an d'Bett gefall sinn.

MANON

Dënschdes,

wéi all Moien si mer um 7:00 opgestane fir an de Karrée. Natierlech dierft Obwiermspill net feelen. Dono gouf da gefröstückt a gespullt. Dann ab an de Bus a lass ob de Katschi. Et war zimmlech Kal mat vill Loft mais dat huet ons Loscht net fortgehol fir ob de Pisten ze schauwen. Mer sinn da mëttes zeréck komm fir ze lessen an dono koum och bësse Sonn raus. Mette si ma zeréck ob Piste gaangen bis 16h wou ma eis dann ob eng Hütt gesat hunn an eise Schocki genoss hunn. Den Dach ass nach net ferdesch well mir lo weider an Therme gefuer si wou mei eis rëm opgetaut hunn. Owes krute ma lecker vum Maki ze iesse befir mir eisen Owend ofgeschloss hu mat eise Spillowend.

Mettwochs,

si ma rëm um 7 opgestan fir de Karrée an eise Frühsport. No de Fraesport hu ma dann eise Bauch mat Müsli gefëllt fir fit ob Pisten ze goen. Mer sinn an de Bus geklommen an hunn eis ob de Wee bei Turracher Höhe gemacht. Wei ëmmer si ma di Piste rofgeschauwt wei di Verrecken. Wieder war bësse besser, zwar ëmmer nach vill Loft Mais ëmmerhi war Sonn do. Mette hu ma rëm beim Bus giess an dunn nach den Dach ob de Piste genoss. Nomëttes da rëm ob der Hütt eise waarme Schocki genoss befir et zeréck an de Chalet geet wou direkt gekacht gëtt domat mer eisen Hongrege Mo fëllen. Ofgeschloss hu ma rëm mat eise Spillowend.

JASMINE

Donneschdes,

ass ët erëm fréi eraus aus dem Bett gaangen. No engem knackegen Frühsport hun mir Kaffi gedronk an sinn schnell an de Minibus gehopst fir op d'Gerlitzten ze fueren. Schon beim Eropfueren op de Bierg hun eis d'Beem voll mat Schnéi ugelaacht. Uewen hate mir da stralend Sonn, déi eis nach eng Kéier opgewiermt huet, éier ët lass gOUNG. Leider wor d'Tal des Todes zou, mee déi aner Piste ware ganz gutt. Zum Schluss hun mir eisen Duuscht an de Lynx säin Honger mat enger Hirschbratenplatte op enger Hütt gestëllt. Während mir esou lues Richtung Schwämm opgebrach sinn, sinn de Grizzly an de Maki den Auto zeréck bréngen gaang an dono bis bei d'Schwämm getréppelt komm. An der Schwämm wollt all Mënsch nach séng letzten Dusch/Sprudelliege genéissen, waat da beim Lynx a Levi nët sou gutt geklappt huet, well déi zwee hire Brëll geklaut kruten. Leider kruten si en nët zeréck dat heescht mir sinn zeréck op Techuana gefuer an hun eis do eng gutt Kéisfondue gemaach an den Owend auskléngelooss.

Freides,

den nächste Moie ware mir rëm fréi op de Been fir de letzten Skidag unzebruechen. Dofir sin mir dës kéier op Nassfeld gefuer an hun do nach vill schéin Pisten gehat fir ze fueren. Mëttes hate mir eis den Bauch op enger neier Hütt vollgeschloën an haten opwendegst erëm vill nei Energie.



RAPPORT Techuana | GROUPE (ab EX)



No den letzten Pisten sinn mir dann erëm zeréck op Techuana gefuer an hun all eis Saachen an de Minibus gepak. Fréi ass et dann erëm an d'Bett gaang fir den Dag duerno nët all ze midd Heem ze fueren.

AMÉLIE

Samstes,

moies ass et schon ganz fréi geint 05h00 lass gaangen. Et goug Alles ganz schnell...Opgestaan, Schloofsack agepaack an am Bus verstaut, Chaufferen hunn e schnellen Kaffi gedronk an da gouf zougespaart. Den Fändel nach erooft gezunn an Techuana EDDI gesoot bis nächst Joer. Lo huet et fir déi Jonk geheescht, et sëch gemiddlech ze maan an fir déi nächsten Kilometer Richtung Lëtzebuerg wieder ze schloofen. Sou hunn mer eis dann op den Wee gemaach, mir sinn zimlech gudd firun komm. Géint 13h00 hunn ma Metteg gemaach an lo wor et nët méi sou wait bis Heem. Fir ongeféier 17h00 woren mer dann och zu Bouneweg, wou mer dann doheem bescheed gesoot hun, an direkt Alles ausgelueden, gebotzt an geraumt hun, Paralell den Bus zeréckgefouert. Owe hunn ma nach d Reschter gies an dono ass eisen letzten owend gestart an mir hun nees puer Spiller gespilt bis keen méi konnt. Dono sinn mer schloofen gaangen.

Sonndes,

sinn mer bessi méi spéit opgestaanen, hun zesummen Kaffi gedronk, letzt Saachen geraumt an schon sinn eis Elteren eis sichenkomm an hun eng Chaine des Adieux gemaach.

LEVI



Kranska Gora



LBB SHOP

An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

in the
PACKAGE

**T-SHIRT
&
HOODIE**

fir nëmmen:
45 EURO



T-shirt 17€



Knuet 5€



Pullover 30€



Foulard 10€

and many more to ...

Am **nächsten LBB-Shop** am Home kriss du eis **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie, T-Shirt, Foulard,...**

& 50 % SOLDES op:

Kichendicher, praktesch LBB Tuut, Sticker, Bic & ...

> Natiirlech ass och eisen klengen SecondHand op mat:
Hiern_ €15, Pullover_ €10, T-shirt_ €5 ...

Next Datumer wou den SHOP op ass:

... 17/05/25 ... evtl 1x virum Pow-Wow/S-Camp Odyssey

COTISATION 2025

E Kalenner-Scoutsjoër ass eriwwer an daat nächst Kalenner-Scoutsjoër fängt un. Wéi all Joër ass d'Cotisioun fir all d'Memberen vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joër sinn **30,00 Euros** op den **Compte CCPL LU82 1111 0498 5493 0000** vun den **Lions Bleus** ze iwwerweisen > Fir dës 30,00 Euros kriss du:

- d'Recht un den Aktivitéiten vun den Lions Bleus deelzehuelen
- d'WANDROUS heemgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoër
- eng Assurance déi aspréngt wanns de en Akzident bei den Scouten huës

Fir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaaz an der WANDROUS mat Rappel'en versauen, den Dierwiechter bei déi verschidden Leit schécken déi net oder ze spéit iwwerweisen, oder sossopwenneg juristesch Schrëtter ënnerhuelen :), ass all Member gebieden séng Cotisioun ze iwwerweisen soubal wéi d'Memberskaart ukomm ass.

Well mir jo Scouten sinn, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zeechen vun guddem Wëllen d'Memberskaart fir d'Joër 2025 zou, ier dat bezuelt ass.

Dofir ass et elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat déng Memberskaart esou séier wéi méiglech bezuelt gët. Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



De Finanzminister
(alias Eyra farceur)



FNEL - KALENNER



FNEL SCOUTS-SHOP

Adresse:

61A, rue de Trèves

L-2630 Cents

Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:

17:00 - 19:00

Den ScoutsShop ass
ëmmer Donneschdes
op, ausser während
den Schoulvakanzan!

05.-20.04.2025	OUSCHTER-VAKANZ
17.-21.04.2025	1st Klass (SC)
26.-27.04.2025	LX Sixplo
03.-04.05.2025	SC CP-WEEKEND
03.-04.05.2025	EX SPORTSDAG / S-K-RENNEN
09.05.2025	BV FunDay
18.05.2025	RO/TB Walf for Nepal
21.05.2025	CoGro
24.05.-01.06.2025	PËNGSCHT-VAKANZ
15.06.2025	RO/TB BeachVolleyBall
22.06.2025	FAACKELZUCH
25.06.2025	CoGro
04.07.2025	ScoutsWuppeFest
12.07.2025	Nuit des Brevets
12.-13.07.2025	POW-WOW bei den EQ
16.07.-14.09.2025	SUMMER-VAKANZ

ET SCHÉNGT ...


- 01) wéi wann eise ParadaisVuugel jo ëmmer spannend maachen wëll an mol ganz gär op der Bühn steet.
- 02) dat 1 Chef vun den LBB s'ch getraut huet fir mat op den FNEL CheffenCityTrip op Antwerpen ze goen
- 03) wéi wann no laangem hin&hiirendlech am MTR di aal an n'et sou praktesch MetallSchief ersaat goufen.
- 04) dat nom letzten Abrochversuch vill geschidd, an nogeudecht g'et wi mer den Home mi s'cher maan.
- 05) wéi wann Techuana reibungslos oofgelaaf ass, een um Enn vum Camp mol bessi midd kann sinn.
- 06) wéi wann um Enn letzten Moundes di 2.Edition vum FNEL Maart um MHwor an vill Léit do woren.
- 07) dat eise ChefScout de 'Préinz Guillaume' duerch sain Engagement zu Letz/Ausland ausgezeecht g'et.
- 08) wéi wann um Schaff-WE/Dag flaisseg geschafft ginn wiir, mee och na een aaneren Event ustoung.
- 09) dat d'FNEL nodem FeWeCa'21 zu Déifferd'eng gewollt ass e gr.Summercamp fir Wëllef ze organisieren.
- 10) wéi wann den LBB hiir Kandidatur an der CoGro fir Organisation fir de Pow-Wow 2026 ugeholl ginn wiir.

ET SCHÉNGT N'ET N'EMMEN ...

- 01) dat hien d'és kéier Show geklaut kruut, an kuerz virun der AG sain 2.Kand zur Welt wollt kommen.
- 02) wéi wann d'ést eng flott Aktivitéit ënner gleichges'nten ass, an n'ennen ze recommandieren wiir.
- 03) dat elo kuerz virun K-Dag een flotten AnbauSchaaf amplaatz installéiert gouf mat ganz vill Stauraum.
- 04) wéi wann mer elo am gr.Sall am Home elektr'esch Rollueden mat enger Sperre installéiert kruuten.
- 05) dat Tamia de Minibus op Kanech zeréckgefouert haat ouni un séng Autoschlüsselen ze denken.
- 06) dat Léit gudd profitiert haaten vun flotten Stänn, Wieder an LB Cheffen di do Paangecher gema hun.
- 07) wéi wann hien eng vun den héischsten Auszeechnungen den 'Bronzene Wollef' iwwerrecht kritt.
- 08) dat mir de S-Dag genotzt hun, eisen Mister PIC eroofzeloetzen an mat him an séng 90 Joer ze feieren.
- 09) wéi wann do lo schons di éischten Opriff sinn, dat Léit s'ch k'enne mellen fir mat ze organisieren.
- 10) dat daat e gr.Challenge w'ert ginn, vue-que dat deen Éischten&Letzten schons eng Zait'chen hiir ass.

LBB MEMES

Wann d'Féier no 20 min
ouni Reen an ouni Wand
nach emmer net un ass:



1.
Cheffejoer



10.
Cheffejoer



Wann de
realiseiers, dass
et ee Dessert get



LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Reuter-Schantzen, ...

AGENDA | Abrëll-Juni'25

abrëll'25

mee'25

juni'25

Dë	1	
Më	2	
Do	3	
Fr	4	
Sa	5	
So	6	
Me	7	
Dë	8	
Më	9	
Do	10	
Fr	11	
Sa	12	
So	13	
Me	14	
Dë	15	
Më	16	
Do	17	
Fr	18	
Sa	19	
So	20	
Me	21	
Dë	22	
Më	23	
Do	24	COMITÉ
Fr	25	
Sa	26	BV/EX FNEL Sixplo / SC Sortie
So	27	FNEL Sixplo
Me	28	
Dë	29	
Më	30	

Do	1	
Fr	2	
Sa	3	BV/LX/TV FNEL CP-WE & EX S-Dag/SKR
So	4	FNEL CP-WE & EX S-Dag/SKR
Me	5	
Dë	6	
Më	7	
Do	8	
Fr	9	FNEL BV Funday
Sa	10	LX/PV/EX
So	11	
Me	12	
Dë	13	
Më	14	
Do	15	
Fr	16	
Sa	17	BV/TV/EX LX Weekend
So	18	LX Weekend FNEL RO/TB 'WalkToNepal'
Me	19	
Dë	20	
Më	21	
Do	22	COMITÉ
Fr	23	
Sa	24	keng Versammlung
So	25	
Me	26	
Dë	27	
Më	28	
Do	29	PËNGSCHTCAMP ab SC
Fr	30	PËNGSCHTCAMP fir Jiddereen
Sa	31	PËNGSCHTCAMP fir Jiddereen

So	1	PËNGSCHTCAMP fir Jiddereen
Me	2	
Dë	3	
Më	4	
Do	5	
Fr	6	
Sa	7	LX/PV/EX BV Sortie
So	8	
Me	9	
Dë	10	
Më	11	
Do	12	
Fr	13	
Sa	14	BV/LX/EX SC Sortie
So	15	FNEL RO/TB BeachVolley
Me	16	
Dë	17	
Më	18	
Do	19	COMITÉ
Fr	20	
Sa	21	keng Versammlung
So	22	FAACKELZUCH & LBB GRILL
Me	23	
Dë	24	
Më	25	
Do	26	
Fr	27	
Sa	28	BV/LX/TV/EX
So	29	
Me	30	


ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT



fne   
scouts & guides



LUXEMBOURG 1
Port payé
P/S 057



Ohhh hëllef Du eis:
... SPIEGLEIN, SPIEGLEIN
un der WAND ...
Wien ass deen schéinsten Beaver
Chef aus dem ganzen lëtzbuerger
LAND ??? ;)



* THATS ALL FOLKS ...